

## **D'Verwaltungskommissioun an d'Gestapo-Judenkartei D'Lëscht vun de "Juden polnischer Abstammung" ass elo am Nationalarchiv entdeckt ginn: si woar 1941 bei der Gestapo geland**

Kennt ee vun iech d'Ida Wonagus? D'Ida war eng jonk Lëtzebuergerin vu 26 Joer am Joer 1940, zu Lëtzebuerg gebuer. Als Jüddin ass et hir gelongen de 7. November 1940 nach mat hirem Mann Aaron Salomon an hiren zwee klenge Kanner Alex an Isidor auszewandern an si kouw vu Lëtzebuerg iwwer Lissabon an New York an d'Dominikanesch Republik.<sup>1</sup> Hir zwee Bridder Joseph a Max kruten och déi néideg Pabeieren, mee hir Mamm Rachel, 70 Joer, krut kee Pass, dofir sinn d'Bouwe bei hir bliwwen. Ee Joer drop mussen dem Ida seng Bridder Zwangsarbecht verriichten op der Autobunn bei Wittlich. Si allen dräi gi mam éischten Deportatiounsbus an den Osten de 16. Oktober 1941 an de Getto vu Litzmannstadt (Lodz) transportéiert an hunn net iwwerlieft.

Oder de Jakob Finkelstein? De Jakob, gebuer zu Lublin 1904 a Polen, kouw mat 24 Joer op Déiffendeng a war do Coiffeur. Nom däitschen Amarsch gëtt en op Wolz evakuéiert, vu wou en am Juni 1940 zeréckkënn. En hält en seng Arbecht als Coiffeur erëm op.<sup>2</sup> Wéi de Joseph an de Max Wonagus a 50 aner sougenannt "aarbechtsfäeg" Judde gëtt hien internéiert am Reichsautobahnlager vu Greimerath am September 1941 an da mat senger ganzer Famill deportéiert de 16. Oktober 1941.<sup>3</sup> Seng Mamm Esther stierft am Ghetto vu Litzmannstadt, säi Meedche Rachel wahrscheinlech zu Theresienstadt, de Jakob, seng Fra Perla a säi Bouf Julius gi vermittlech zu Chelmno vergaast.

Oder de Jakob Hirschhorn? Hien ass 1914 zu Lodz gebuer. Mat sengen Eltere war en 1919 aus Polen op Wawern un der Saar ausgewandert.<sup>4</sup> Mee am Oktober 1938 gi säi Papp a säi Brudder no Polen ausgewisen. De Jakob war kuerz virun op Lëtzebuerg kouw an huet zu Osweiler als Knecht geschafft. Mee nom 10. Mee 1940 kënn en net fort, well e kee Visum kritt fir Latäinamerika. Wéi fir de Jakob Finkelstein féiert och säi Wee an d'Zwangsarbecht op Greimerath an dono an de Ghetto vu Lodz, mat 300 anere weidere Judden aus Lëtzebuerg an 200 aus der Géigend vun Tréier. Zu Lodz, wou en säi Papp Aaron, seng Mamm Sara a säi Brudder Norbert erëmfënnt, iwwerlieft hie mat vill Chance mat senger Fra Halina a sengem Brudder, deen op Auschwitz komm war.

---

<sup>1</sup> United States Holocaust Memorial Museum, Digital Notiz, Aaron Salomon an Ida Wonagus: "Aron emigrated from Poland in the early 1920s to escape the rampant antisemitism and settled in Luxembourg. There he opened a shoe store and met and married Ida Wonagus. (...) The family spoke both Yiddish and Luxembourgish. (...)" (<http://collections.ushmm.org/search/catalog/pa1179052>).

<sup>2</sup> CERF, Paul / FINKELSTEIN, Isi, *Les Juifs d'Esch - Déi Escher Judden. Chroniques de la communauté juive de 1837 à 1999*, Luxembourg, 1999, S. 97-98.

<sup>3</sup> SCHMITT-KOELZER, Wolfgang, *Vor 75 Jahren: Jüdische Zwangsarbeiter aus Luxemburg an der "Reichsautobahn" in Greimerath bei Wittlich*, in: Kreisjahrbuch Bernkastel-Wittlich 2016, Bernkastel, 2015, S. 177-183.

<sup>4</sup> EBERHARD, Pascale, *Jakob Hirschhorn: Stationen seines Lebens vor der Deportation*, in: EBERHARD, Pascale (Hrsg.), *Der Überlebenskampf jüdischer Deportierter aus Luxemburg und der Trierer Region im Getto Litzmannstadt*, Saarbrücken, 2012, S. 32-33. Vgl. och HEIDT, Günter, "Ich bin so allein und unglücklich, mehr als je zuvor." *Jüdische Überlebende des Holocaust in der Nachkriegszeit.*, in: Jahrbuch - Kreis Trier Saarburg. 2015, S. 1-14, (Artikel online).

## Dräi Schicksaler vu 480

Wat si allen dräi gemeinsam hunn? Si sinn all op der selwechter Lëscht vu "Juden polnischer Abstammung". Viru 75 Joer, den 21. November 1940, hunn d'Verwaltungskommissioun an de Service vun der Friemepolizei eng Lëscht mat 480 "unabgemeldeten polnische Juden" (sic) un de Chef vun der Zivilverwaltung (CdZ), de Gauleiter Gustav Simon, geschéckt. Eng Lëscht, déi wéinst "vorausgehendem Gehorsam" vun der Friemepolizei an der Verwaltungskommissioun eréischt zustane koum.<sup>5</sup>

Ech hunn se virun zwou Wochen am Nationalarchiv fonnt, wou se an engem Dossier läit, deen zënter den 1980er Jore fir de Public an d'Chercheuren zougänglech ass. D'Lëscht gëtt, wéi ech elo archivaresch ka beleeden, net nëmme vun der Zivilverwaltung benotzt. Den CdZ gëtt se am Mäerz 1941 weider un d'Gestapo. D'Gestapo kritt esou d'Méiglechkeet hir "Judenkartei Luxemburg" ze vervollstännegen. Mat Hëllef vun der Judenkartei sinn d'Juden zu Lëtzebuerg erfaasst, internéiert, deportéiert ginn.<sup>6</sup>

Mee eent nom Aneren: D'Existenz vun dëser Lëscht war bekannt, mee d'Lëscht selwer mat all den Nimm bis elo net. Zanter den 80er Jore waren sech vill Froen iwwert déi Lëscht gestallt ginn. Ech hat se schonns virun zwee Joer intensiv gesicht, am Fong vum CdZ, wéi ech en Artikel iwwer déi Affär vun der Lëscht am Tageblatt (13.3.2013) an am Jeudi (14.3.2013) geschriwwen hat. Mee och ech hat se net fonnt. A geduecht se wier zerstéiert ginn oder iergendwou an engem däitschen Archiv. Bis ech se virun zwou Wochen erëmfonnt hunn. Am Lëtzebuurger Nationalarchiv. Am Fong vum Chef der Zivilverwaltung, wat ee vun de gréisste Fongen iwwerhaupt ass.

Eréischt e Gespréich kierzlech mat der Archivistin vun der Chamber, Christine Mayr, huet mech op d'Spur bruecht. Mär hunn am Zesammenhang vun der Petitioun un den Hitler vum 1. August 1940 iwwer Original a Kopie - am Chamberarchiv läit nëmme eng Kopie vun där Petitioun - geschwat an iwwer archivistesch Logiken. D'Saach war op eemol esou kloer, dass een sech wéi sou oft gefrot huet, firwat een net schonn direkt drop komm ass. Den CdZ hat am September 1940 eng Fro un d'Verwaltungskommissioun gestallt a puncto "Ausweiswesen" a "Reichsdeutsche" zu Lëtzebuerg. Wou, zum Schluss vun där Korrespondenz, d'Lëscht vun de "polnesche Judden" un den CdZ geschéckt gëtt, gouf se och logescherweis an där Abteilung empfaangen an archivéiert, där vum Passwesen. Dank dem neien Online-Inventaire vum CdZ, deen de Fong méi präzis beschreift - Merci fir d'excellent Aarbecht vun den Archivisten an Archivisten - hat ech séier e Choix an den 323 Dossiere vun der Abteilung "Pass- und Meldewesen (1938-1944)" getraff: Fënnf Dossiere wou et souwuel em Passwiese wéi em Ausländerpolice giong. Am Dossier CdZ-A-3020 ("Ausländer - Erfassung sowie Anwendung der Ausländerpolizei", S. 418-438), loung se: "Verzeichnis der hierlands angemeldeten Juden polnischer Abstammung in alphabetischer Reihenfolge und nach Ortschaften geordnet", 480 Persounen erfaasst mat Numm, Virnumm, Gebuertsdatum, Gebuertsuert, Stand a Wunnuert. Vill Nimm, déi op deeër Lëscht sinn, ware bis elo net bekannt.

<sup>5</sup> Archives Nationales Luxembourg (ANLux), AE 3834, "Mesures prises par la 'Zivilverwaltung' à l'égard des réfugiés juifs allemands et polonais, 1940".

<sup>6</sup> Déi Kartei befënnt sech haut, op d'mannst deelweis, am Archiv vum Internationale Sichdingscht (ITS) vu Bad Arolsen.

## Eng Lëscht fir d'"Judenreferat" vun der Gestapo

Wat meng Hypothees vun Ufank un war, gouf hei bestätegt. Déi Lëscht goung net nëmmen un de Chef der Zivilverwaltung. Den CdZ gëtt se den 18. Mäerz 1941 weider un den "Einsatzkommando der Sicherheitspolizei und des SD" (Sicherheitsdienst), deen an der Ëffentlechkeet als Gestapo bekannt war. Den CdZ freet se den 18. Mee zeréck. Den Einsatzkommando behält se awer bis den 2. Juli 1941. Déi bal 3 an hallef Méint notzt en e. a. fir déi genee Adressen erauszefannen an ze kucke wie vun deene Leit nach am Land ass an esou seng Judenkartei ze komplettéieren. E weidere Beweis fir d'Kollaboratioun vu Lëtzebuurger Autoritéiten an der Juddeverfolgung.

Zum Einsatzkommando<sup>7</sup>: E gouf dirigéiert vun Himmler an Heydrich (Reichsicherheitshauptamt zu Berlin) a steet fir en Iwwerwaachungs- an Terrorapparat iwwer dat ganz besat Europa mam Ziel, fir den Heydrich ze zitéieren, vun der "Bekämpfung (...) des übelsten jüdisch-polnischen Verbrechertums", vun der Bekämpfung der "allgemeinen Volks- und Staatsfeindlichkeit" an der "Behandlung der Judenfrage".<sup>8</sup> Den Einsatzkommando zu Lëtzebuerg kënnt am August 1940 zu Lëtzebuerg un, installéiert sech an der Villa Pauly an der Stad, an der Villa Seligmann zu Esch, an an der Villa Conter zu Dikrech.<sup>9</sup> Den Einsatzkommando war an dräi gedeelt (véier wann een d'Verwaltung dobäi zielt): Geheime Staatspolizei (Gestapo), Kriminalpolizei (Kripo) an de Sicherheitsdienst (SD). D'Gestapo huet sech ëm d'Iwwerwaachung a Verfolgung vu verschiddene Gruppen gekëmmert. An der Abteilung II ass 1940-41 enquêtéiert ginn zum Beispill géint: A. Resistenzler a Kommunisten, B. Judden, Katholiken, Protestanten, Zeugen Jehova. C. Däitschfeindlech Äusserungen, Oppositioun, Homosexualitéit.<sup>10</sup> Wéi am Moment d'Ausstellung am Escher Resistenzmuseum, "Gestapo-Terror in Luxemburg", weist an zu Lëtzebuerg méi wéi bekannt ass, huet d'Gestapo net nëmmen iwwerwaacht an enquêtéiert, mee och verhaft, gefoltert, veruerdeelt an higeriicht. 4.000 Männer a Fraen huet se vu Lëtzebuerg an däitsch KZen a Prisonge verschleeft, 800 sinn net erëm komm.

---

<sup>7</sup> DAMS, Carsten / STOLLE, Michael, *Die Gestapo. Herrschaft und Terror im Dritten Reich*, München, 2008.

<sup>8</sup> zitéiert bei: SCHOENTGEN, Marc, *Das Einsatzkommando der Sicherheitspolizei und des Sicherheitsdienstes in Luxemburg und die Judenverfolgung im Jahre 1940*, in: ALEH, *Du Luxembourg à l'Europe. Hommages à Gilbert Trausch à l'occasion de son 80e anniversaire*, Luxemburg, 2011, S. 301-326.

<sup>9</sup> DOSTERT, Paul, *Luxemburg zwischen Selbstbehauptung und Selbstaufgabe. Die deutsche Besatzungspolitik und die Volksdeutsche Bewegung, 1940-1945*, Luxemburg, 1985, S. 205-209; KRIER, Emile, *Deutsche Besatzung in Luxemburg 1940-1944*, in: BENZ, Wolfgang / HOUWINKTEN CATE, Johannes / OTTO, Gerhard (Hrsg.), *Die Bürokratie der Okkupation. Strukturen der Herrschaft und Verwaltung im besetzten Europa*, Berlin, 1998, S. 27-48; SCHOENTGEN, Marc, *Luxemburg*, in: GRUNER, Wolf / OSTERLOH, Jörg (Hrsg.), *Das "Großdeutsche Reich" und die Juden. Nationalsozialistische Verfolgung in den "angegliederten" Gebieten*, Frankfurt/New York, 2010, 334-361; HOHENGARTEN, André, *Die nationalsozialistische Judenpolitik in Luxemburg* (2. unveränderte Auflage), Luxemburg, 2004.

<sup>10</sup> Bericht vun enger Employée, Daktylo bei der Gestapo, vum 21. Mee 1946, ofgedréckt bei: SPIELMANN, Alphonse, *Des traîtres?*, Luxemburg, 1984, S. 121-128; Musée national de la Résistance, *Gestapo-Terror in Luxemburg. Verwaltung, Überwachung, Unterdrückung*, Luxemburg, 2015.

D'"Judenreferat", Abteilung II B 3 vun der Gestapo, war zoustänneg fir déi sougenannt "Regelung der Judenfrage" an huet am August-September 1940 ugefaang mat der Erstellung vun enger "Judenkartei". Op hirem Dësch lant den 18. März 1941 d'Lëscht vun de sougenannte polnesche Juden vun der Verwaltungskommissioun. Och hei ass et wichteg de Kontext a Werdegang ze erklären.

### **Eng Lëscht enstane durch "vorauselenden Gehorsam"**

Wéi ass déi Lëscht entstan?<sup>11</sup> Den 11. September 1940 adresséiert dem Gauleiter säi Stellvertreder Münzel sech un d'Verwaltungskommissioun a verlaangt, dass an Zukunft "Reichsdeutsche" zu Lëtzebuerg wéi d'Lëtzebuurger selwer behandelt ginn, wat d'Carte d'identité betrëfft. De 16. September äntwert de Wehrer als Präsident vun der Verwaltungskommissioun, dass en déi Uweisung un d'Meldeämter weider gëtt, dat heescht un d'Lëtzebuurger Friemepolice. Dee Service wërft de 16. Oktober nei Froen op a freet d'Verwaltungskommissioun, a vorauselendem Gehorsam, wéi dann ze verfuere ass mat däitschen, staatenlosen a polnesche Juden. De Chef vun der Friemepolice, de Conseiller de gouvernement aus dem Justizministär, Emile Brisbois, schléit scho mol selwer vir, dass däitsch Juden weider wéi Ausländer ze behandle sinn, "da es nicht im Sinn der Verordnung des Chefs der Zivilverwaltung ist den deutschen Juden eine Vorzugsstellung zu geben". Den Emile Brisbois erkennt domat di däitsch Veruerdnungen un an interpretéiert se am Sënn vum däitsche Recht. Den 31. Oktober reecht de Louis Simmer - den Albert Wehrer war de 24. Oktober vum Gauleiter ofgesat ginn - déi Froe weider un den CdZ. Den CdZ huet sech d'Fro no de polnesche Judde wuel zu deem Zäitpunkt nach net gestallt a freet den 9. November 1940 d'Zuel vun de "Juden polnischer Abstammung" déi nach am Land sinn: "Über die Frage der Aufenthaltserlaubnis der polnischen Juden behalte ich mir weitere Mitteilung vor. Ich ersuche zunächst um Feststellung und Mitteilung, wieviel Juden polnischer Abstammung sich im Land aufhalten." Doropshinn mécht de Service vun der Friemepolizei, opgrond vun der antisemitescher Methode vum jüdesche Klang vun den Nimm, eng Lëscht mat de Nimm vu 480 sougenannte "polnesche Judden". Fir hire Zèle ze ënnersträchen, betounen se, dass se dofir all hir Ausländerdossieren duerchgekuckt hunn. D'Lëscht gëtt den 21. November am Numm vun der Verwaltungskommissioun vum Jean Metzdorff un den CdZ geschéckt.

Wéi ass de weidere Wee vun der Lëscht? Si gëtt fir d'éischt vun der Zivilverwaltung benotzt. Déi erléist d'Veuerdnung vum 28. Dezember 1940, wouduerch all Päss vun de Judden zu Lëtzebuerg ongültig ginn. Gültigkeet fir Auslandsreise kréien déi Päss nees wann se duerch e sougenannte roude Judde-Stempel gekennzeechent ginn. Den 18. März gëtt den CdZ d'Lëscht un den Einsatzkommando weider, deen se während 3 an hallef Méint behält an se den 2. Juli 1941 zeréck gëtt. Si hunn d'Méiglechkeet se ze verschaffe fir hir "Judenkartei" (wou och d'Adresse verzeechent sinn) ze vervollstännegen. De Grond firwat den CdZ se ronn véier Méint méi spéit weider gëtt ass am Moment nach net bekannt. Mee de Kontext ass opgrond vu villen

---

<sup>11</sup> DOSTERT, Paul, *op.cit.*, (1985), S. 166-167; CERF, Paul, *L'Etoile Juive au Luxembourg*, Luxembourg, 1986, S. 47-48; SCUTO, Denis, *Un exemple flagrant de zèle de la Commission administrative : la liste des 471 Juifs polonais (novembre 1940)*, in: Tageblatt, Nr. 61 (13. März 2013), S. 1, 13-17; ARTUSO, Vincent, *La 'question juive' au Luxembourg (1933-1941). L'État luxembourgeois face aux persécutions antisémites nazies. Rapport final (remis au Premier ministre le 9 février 2015)*, Luxembourg, 2015, S. 169-170. D'Zuel vun 471 "unabgemeldeten polnischen Juden" gëtt den 21. November 1940 wou se un den CdZ geschéckt gëtt, op 480 korrigéiert.

internationale Publikatiounen<sup>12</sup> an zu Lëtzebuerg duerch d'Aarbechten vun Paul Cerf, Emile Krier, Paul Dostert, André Hohengarten a Marc Schoentgen gutt dokumentéiert.<sup>13</sup> Den 8. März gëtt de Wilhelm Nölle, Chef vum Einsatzkommando, ënnert anerem wéinst Differenzen tëscht him an dem Gauleiter Simon iwwer d'Judenpolitik ofgeléist vum "SS-Obersturmbannführer" Fritz Hartmann. Dat kéint eng Erklärung dofir sinn, firwat se dono kommunikéiert gëtt.

### **Vun der Auswanderung no Westen zur Deportatioun no Osten**

Méi wichteg ass awer, dass d'Judeverfolgung grad an deene Méint (zu Lëtzebuerg awer och am Rescht vu Westeuropa) an eng nei Phase geet. Vu März bis September 1941 ass d'Iwwergangsphase vun enger Politik vun der Ausweisung respektiv vun der Auswanderung vun de Judden aus Lëtzebuerg no Westen hinn zu hirer Deportatioun an den Osten. Am Kader vun enger Juddepolitik, déi zu Lëtzebuerg an an den anere besate Gebitter geschwankt huet, wéi de Marc Schoentgen et ausdréckt, tëscht Fërderung a Behënnerung vun der Auswanderung duerch d'Gestapo<sup>14</sup>. Den 20. März 1941 hat den "Judenreferent" Adolf Eichmann d'Vertrieder vun der Lëtzebuurger jüddescher Communautéit op Berlin beuerdert.<sup>15</sup> En huet däitlech gemaach, dass Lëtzebuerg misst "judenrein" ginn an et just zwou Méiglechkeete géif ginn: Entweder Auswanderung no Westen oder Deportatioun no Osten. Den 20. Mee 1941 befeelt d'Reichssicherheitshauptamt, dass d'Auswanderung vu Judden aus Frankräich an aus der Belsch "im Hinblick auf die zweifellos kommende Endlösung der Judenfrage" verhënnert misst ginn.<sup>16</sup> D'Decisioun vun der Deportatioun an den Osten gëtt am September 1941 zu Berlin definitiv geholl a vu Lëtzebuerg fueren aus Westeuropa mat déi éischt Deportatiounsziel iwerhaupt an den Osten, den éischten de 16. Oktober 1941.<sup>17</sup> Ufank Oktober decidéiert den Heydrich, dass d'Sicherheitspolizei (Gestapo a Kripo) verantwortlech ass fir d'Organisatioun vun den Deportatiounen. D'Transportlëschten stellt den Einsatzkommando no den allgemenge Kritäre vum Reichssicherheitshauptamt op.

Op där Lëscht vun der Verwaltungskommissioun, déi dem Einsatzkommando ronn véier Méint virlooch, sinn praktesch nëmme polnesch oder staatelos Judden, déi spëtstens zënter Dezember 1940 nëmme schwéierlech (wann iwwerhaupt) e Pass kréie kënnen fir auszewandern. Wann déi Persounen op der Lëscht net emigréiere

---

<sup>12</sup> Vgl. allg. PAUL Gerhard / MALLMANN Klaus-Michael (Hrsg.), *Die Gestapo im Zweiten Weltkrieg. 'Heimatfront' und besetztes Europa*, Darmstadt, 2000; MAYER, Michael / HAPPE, Katja / PEERS, Maja (Bearbeiter), *Die Verfolgung und Ermordung der europäischen Juden durch das nationalsozialistische Deutschland 1933-1945, Band 5: West- und Nordeuropa 1940-Juli 1942*, München, Institut für Zeitgeschichte, 2012.

<sup>13</sup> nieft de schonns zitéierten Oarbechten sief hei nach higewisen op: SCHOENTGEN, Marc, *Das "Jüdische Altersheim" in Fünfbrunnen*, in: BENZ, Wolfgang / DISTEL, Barbara, *Terror im Westen. Nationalsozialistische Lager in den Niederlanden, Belgien und Luxemburg 1940-1945*, Berlin, 2004, S. 49-71; DOSTERT, Paul, *La déportation des juifs à partir du territoire luxembourgeois (1941-1943)*, in: FUCHSHUBER, Thorsten / WAGENER, Renée (Hrsg.), *Emancipation, éclosion, persécution. Le développement de la communauté juive luxembourgeoise de la Révolution française à la 2e Guerre mondiale*, Bruxelles, 2014, S. 205-221.

<sup>14</sup> SCHOENTGEN, Marc, *op.cit.*, (2010), S. 349.

<sup>15</sup> Memorandum vum Oberrabbiner vu Lëtzebuerg, Robert Serebrenik, vum 3. November 1961, ofgedréckt bei: CERF, Paul, *op.cit.*, (1986), S. 248-254; MOYSE, Laurent, *Du rejet à l'intégration. Histoire des Juifs du Luxembourg des origines à nos jours*, Luxembourg, 2011, S. 184f..

<sup>16</sup> SCHOENTGEN, Marc, *op.cit.*, (2010), S. 349.

<sup>17</sup> DOSTERT, Paul, *op.cit.*, (2014), S. 207-208.

kënnen oder op iergend eng Aart a Weis illegal mat der Hëllef vu Passeurë flüchten konnten (mee vill ginn der och nach a Frankräich oder an der Belsch verhaft a vun do deportéiert), sätze se an der Fal. D'Lëscht vun der Verwaltungskommissioun ass schonn am November 1940 entstanden, wou di Lëtzebuenger Beamten nach näischt vun enger spéiderer Endlösung wossten. Awer, et muss och fir si kloer gewiescht sinn, dass se déi Leit enger grousser Gefor aussetzen andeems se d'Nimm un d'Nazie ginn. Och wann d'Ida Wonagus nach emigréiere kann, esou ass et dach bezeichnend fir d'Iwwerhuele vun der antisemitescher Logik vum Okkupant, dass Lëtzebuenger Beamten net gezéckt hunn eng Lëtzebuengerin op d'Lëscht ze setzen (an se och nach als "Luxemburgerin" kennzeechnen). D'Erfaassung opgrond vun den Nimm huet wuel och dozou gefouert, dass Persounen op der Lëscht sinn, déi ni zur jüdescher Communautéit gehéiert hunn.

Et bleiwen nach vill Froen an et sinn nach vill Recherchen ze maachen. Fir d'éischt ronderëm d'Lescht selwer. Wéi eng Persounen op der Lescht waren der Gestapo nach net bekannt a sinn op déi Lëscht komm opgrond vu Renseignement, déi just d'Lëtzebuenger Friemepolice konnt hunn? Wat war hiert weidert Schicksal? Wéi vill waren der nach zu Lëtzebuerg oder an de Nopeschlänner? An dann aner Froen iwwert de gréisseren historesche Kontext, déi mat dëser Lëscht eleng net beäntwert kënnen ginn, Froen déi en Institut fir Zäitgeschicht (nieft allen anere Froen aus dem 20. an 21. Jorhonnert) wëssenschaftlech ugoe misst. Froen, déi ech och elo schonns stellen, an der Suite vum Rapport Artuso, iwwert e Fuerschungsprojet zur Haltung vum Lëtzebuenger Staat zu de Judde vun den 1930er bis zu den 1950er Joren, deen ech am Fréijoer op der Uni Lëtzebuerg eragereecht hunn. Hei eng Rei Beispiller: Wat ass de Lien vun den anere Lëschte mat der "Judenkartei"? Déi vun der Lëtzebuenger Police vum 18. August 1940? Déi vun de jüdesche Schoulkanner an duerno vun de sougenannten "Mischlingen", déi de Louis Simmer gefrot huet? Huet den Einsatzkommando zu Lëtzebuerg Informatiounen un d'Einsatzkommandoen a Frankräich an an der Belsch weiderginn? Firwat iwwerhuele Lëtzebuenger Autoritéiten, ouni Protest, déi antisemitesch Persécutiounslogik vun de Nazien? Wat ass d'Zesummepill vun deene verschiddene Verwaltungen, Institutiounen a Bürokratien an de Joren 1940 an 1941 mam Okkupant, am Kader vun der neier antidemokratescher nationalsozialistescher Uerdnung? Wat war d'Roll vun den héije Beamten, Gendarmen, Polizisten a Magistraten am Kader vun der Verfolgung net nëmme vu Judden, mee och vu Spueniekämpfer an aneren Afferguppen? Gëtt et Kontinuitéite mat Xenophobie an Antisemitismus an den 1930er Joren? Wéi evoluéiert d'Politik géigeniwwer de "Frieme" vun den 1930er zu den 1950er Joren? Wéi ass d'Attitude an d'Politik vun de Lëtzebuenger Autoritéiten zu de lëtzebuergeschen an zu den auslännesche Judden nom Krich?

En attendant wéilt ech dem Charles Barthel an deenen déi seng Opfaassung deelen awer eng Fro stellen: Sitt der wierklech der Meenung dass mer et mat engem nëmme "(angeblich) begangenen Unrecht" vun der Verwaltungskommissioun, vu Lëtzebuenger héije Beamten a Behörden ze dinn hunn?